



**Äntwert vum Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, an dem Minister fir Mobilitéit an  
ëffentlech Aarbechten, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro n° 5084 vum 11. Oktober  
2021 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

1. Si mobil Radaren déi op Remorquen um Bord vun enger Strooss sti virum Gesetz als Remorque unzegesinn?
  - Falls jo, wéi wierkt sech den Artikel 167 vum Code de la Route op d'Opstelle vu mobile Radaren aus? Ass et legal, ee mobile Radar op enger Remorque tëschent 22h00 a 6h00 ofzestellen?
  - Falls nee, wéi eng Dispositiounen gëlle fir d'mobil Radaren?

Effektiv sinn déi mobil Radaren als Remorque unzegesinn déi, nodeems se vun enger Zuchmaschinn op déi virgesinne Plaz bruecht goufen, laanscht d'ëffentlech Strooss installéiert ginn. Laut dem Artikel 167ter aus dem ëmgeännerte groussherzoglechen Arrêté vum 23. November 1995 iwwert de Stroosseverkéier (Code de la Route) falen déi mobil Radare vun der Police awer net ënnert déi Dispositiounen fir d'Remorquen:

*« Art. 167ter. Les dispositions de la présente section ne s'appliquent pas aux véhicules utilisés en service urgent et énumérés à l'article 39, ainsi qu'aux véhicules des agents chargés du contrôle de la circulation, pour autant que le service l'exige et à condition que les conducteurs tiennent compte en toute circonstance des exigences de la sécurité de la circulation. »*

2. Am Artikel 3 vum Gesetz vum 21ten Dezember 2009 iwwert permissions de voirie steet geschriwwen:

*"Quiconque voudra [...] entreprendre des aménagements constructifs ou de signalisation dans l'intérêt de la sécurité et de la commodité des usagers de la route et des riverains, faire des plantations ou d'autres travaux quelconques dans, au-dessus ou le long des tronçons de routes faisant partie de la voirie normale de l'Etat, soit dans les traversées des agglomérations, soit ailleurs, dans la distance ci-après, ne pourra le faire que sous le couvert d'une permission de voirie."*

Muss d'Police fir d'Installatioun vu mobile Radaren eng Permission de Voirie beim Ponts et Chaussées ufroen?

Am Hibleck zur zweeter Fro ass op den Artikel 3 aus dem Gesetz vum 21. Dezember 2009 iwwert „permissions de voirie“ ze verweisen, deen sech ënner anerem op Amenagementen, Signalisatiounen an Aarbechte bezitt. Vitessekontrollen déi am Kader vun de Missiounen vun der groussherzoglecher Police mat Hëllef vun engem mobile Radar duerchgefouert ginn, falen dowéinst net ënnert dës Gesetz. Ausserdeem ass ze ënnersträichen, dass d'Emplacementen vun de mobile Radare laanscht d'Staatsstroossen an Zesummenaarbecht mat der Stroossebauverwaltung erausgesicht ginn.

Lëtzebuerg, den 12. November 2021

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX